Conseil Supérieur pour un Développement Durable

## Bei dëse Walen och un eng nohalteg Entwécklung denken!

*E Bréif vum Lëtzebuerger Nohaltegkeetsrot und d'Biergerinnen a Bierger*

Léiw Biergerin, léiwe Bierger,

Den 20. Oktober sinn zu Lëtzebuerg Walen. Et gëtt iwwer en neit Parlament an eng nei Regierung decidéiert, an dat bedeit zugläich, datt iwwert d'Orientéierunge vun der Politik nei entscheed gëtt. Als Lëtzebuerger Nohaltegkeetsrot fille mir eis ugesprach, fir dozou e puer Reflexioune mat op de Wee ze ginn. Mir hunn awer decidéiert, an dëser kruzialer Phas net nëmmen d'Parteien unzeschwätzen, mee geziilt och all d'Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen - op se dierfe matwielen oder net.

Mir hunn an deene läschte Méint e Sondage iwwert Är Perceptioun zu den Entwécklunge vun eiser Gesellschaft lancéiert, deem seng Resultater eis elo virleien.[1] D'Resultater weisen eiser Meenung no, datt d' Noutwendegkeet fir Changementer an eiser Gesellschaft kloer gesi gëtt. Hei nëmmen e puer Elementer erausgepickt :

- **Edukatioun**

  An der Bevölkerung gëtt et eng Quasi-Unanimitéit dofir, datt d'Schoul sech net soll op den Enseignement reduzéieren, mee aus de Schoulkanner opgeklärte Biergerinnen a Bierger maachen (91 Prozent) an alle Kanner eng artistesch, biergerkundlech a manuell Erzéiung soll ginn (87 Prozent).

- **Kris, Chômage, Renten**

  Eng grouss Majoritéit vun Iech (70 Prozent) géifen et gutt fannen, wann e Plafong bei de Rente géif agefouert ginn. 65 Prozent wiere bereet, eng eege Participatioun ze bezuelen. Ëmgedréit si 57 Prozent vun Iech fir d'Aféierung vun enger Grondrent.

- **Egalitéit**

  Fir vill vun Iech ass d'Gläichheet e wichtege Prinzip. Iwwert d'Halschent mengen, datt all d'Posten an der Fonction publique och fir auslännesch Leit missten op sinn, wann se di richteg Qualifikatiounen hunn. 47 Prozent fannen, datt eng gesetzlech Fraequot bei leedende Funktiounen an an de Verwaltungsréit misst agefouert ginn.

Bei aneren Theme stëmmen eis als Nohaltegkeetsrot d'Resultater vum Sondage méi nodenklech, well mer en Ecart tëscht den Erwaardunge vun de Biergerinnen a Bierger un d'Politik an hirer eegener perséinlecher Oppenheet fir Ännerunge feststellen. E puer Beispiller:

- **Liewensqualitéit**

  73 Prozent vun de Biergerinnen a Bierger sinn der Meenung, datt mir iwwert eise Verhältnisser liewen, a 74 Prozent, datt hiert perséinlecht Verhale wichteg ass fir datt d'Gesellschaft kann änneren. Awer 48 Prozent vun Iech soen och, datt sech am Idealfall näischt soll un hirer perséinlecher Situatioun änneren.

- **Klimaproblematik**

  Als Nohaltegkeetsrot stelle mir mat Zefriddenheet fest, datt d'Klimaproblematik allgemeng erkannt gëtt an datt vill Leit d'accord sinn, datt Mesuren dogéint musse geholl ginn.

  73 Prozent vun Iech mengen, datt mer zu Lëtzebuerg iwwert eise Verhältnisser liewen, a 74 Prozent (also bal dräi Véirel), datt de Klimawiessel d'Liewen zu Lëtzebuerg an den nächsten 20 Joer wäert beaflossen. 80 Prozent fannen suguer, d'Regierung misst méi staark géint d'Klimaverännerungen agéieren.

  Mir fannen et awer schued, datt zwar d'Erwaardunge vis-à-vis vum Staat héich sinn, vill Biergerinnen a Bierger awer entweder ze vill grouss Contrainten hunn oder keng staark perséinlech Bereetschaft, hiert eegent Verhalen positiv ze veränneren. Ëmmerhin 26 Prozent fannen: "Et ass net u mir fir iwwer d'Problemer vum Land nozedenken a Léisungen ze sichen." Nëmmen 42 Prozent wiere prett, méi Steieren ze bezuelen, an 48 Prozent wieren dogéint, datt de Präis vum Benzin géif un dee vun eisen Nopeschlänner ugepasst ginn, 22 Prozent hunn nach ni dru geduecht fir manner de Fliger ze benotze fir an d'Vakanz. Dogéint wieren awer 67 Prozent dofir, datt amplaz vun enger drëtter Spur op der Autobunn den ëffentlechen Transport soll gefördert ginn. A 65 Prozent wiere bereet, den ëffentlechen Transport ze benotzen, wann e méi komfortabel wier.

- **Valeuren, Liewensqualitéit a sozial Kohesioun**

  Bei de Valeuren si Wäerter wéi Respekt vun deenen aneren, Fräiheet a Gerechtegkeet fir iwwer 80 Prozent vun Iech wichteg, an den Ëmweltschutz esouguer fir 90 Prozent. Dogéint schneid d'Cohabitatioun vun de verschiddenen Nationalitéiten a Kulturen wäit manner gutt ower: Dëse Wäert gëtt nëmme vu 70 Prozent vun de Befroten als wichteg ëmfond, dee Wäert fält esouguer op 61 Prozent bei de Leit mat Lëtzebuerger Nationalitéit, während e bei den auslännesche Leit 80, a bei de portugisesche Leit souguer 85 Prozent erreecht.

Fir den Nohaltegkeetsrot ergëtt sech aus dëse Resultater, datt vill vun Iech zwar d'Noutwendegkeet vu gesellschaftleche Changementer gesinn. Vill Biergerinnen a Bierger schéngen awer der Meenung ze sinn, datt et fir d'éischt un der Politik ass, fir dës Changementer an Ugrëff ze huelen, an eréischt an engem 2. Schrëtt bei hinne selwer. D'Wichtegkeet vu Changementer gëtt och éischter a Beräicher gesinn, wou et ëm d'Ofsécherung vu materiellem Wuelstand a Liewensgrondlage geet (Renten, Educatioun, Ëmwelt) wéi am Beräich vum sozialen Zesummeliewen. Nodenklech stëmmt eis och, datt a Krisenzäiten eis Solidaritéit mat der Drëtter Welt a Fro gestallt gëtt: Iwwer d'Halschent vun de Befroten (51 Prozent) wore bereet, fir d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef ze reduzéieren.

Virun allem déi Jonk (ënnert 25 Joer) schéngen sech Froen ze stellen, wat d'zukünfteg Liewensqualitéit ugeet. Dëse Constat mécht eis als Nohaltegkeetsrot natierlech Suergen, mä e muss awer och als Défi un d'Politik an un eis all verstane ginn: An allen Decisiounen, déi mer haut huelen oder net huelen, musse mer eis bestänneg d'Fro stellen, wéi en Effet dëst op d'Zukunft vun den nächste Generatiounen huet.

Ob der dierft wielen oder net, mir wéilten Iech fir dës Walen net nëmme mat op de Wee ginn, datt der de Parteien hir Bereetschaft iwwerpréift, Aktiounen ze ënnerhuelen, déi fir en nohaltegt Funktionéiere vun eiser Gesellschaft noutwenneg sinn. Mir wéilten Iech och drunn erënneren, datt Demokratie méi ass wéi all fënnef Joer wiele goen. Demokratie bedeit och, sech perséinlech ze implizéieren a bereet ze sinn, Changementer matzedroen. „Nohalteg Entwécklung" heescht, datt d'Gesellschaft sech soll sou entwéckelen, dat et deene Generatiounen déi no eis kommen nach grad esou gutt geet, wéi eis haut. An dat esouwuel op ökologeschem wéi och op ökonomeschem a op sozio-kulturellem Plang.

An deem Sënn wënsche mir Iech, léif Biergerin, léiwe Bierger, datt Dir di gutt Wiel fir eis Gesellschaft trefft.

---

[1] Sondage TNS-Ilres fir den Nohaltegkeetsrot vum Fréijoer 2013, échantillon vun 1010 Persounen, di zu Lëtzebuerg liewen.